CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS



Candidature pour les élections d'un délégué des pompiers volontaires assistant aux réunions du conseil d'administration du Corps grand-ducal d'incendie et de secours

<u>Virnumm:</u> Roger

<u>Familljennumm:</u> BARTHELMY

<u>Matricule CGDIS:</u> BARO03

<u>Cadre:</u> moyen (Chef CIS)

<u>Gebuertsdatum:</u> 03.05.1969

<u>Meng Motivatioun:</u>

- Ech si säit 40 Joer aktive Pompjee (aktuell och Chef CIS) a weess dat ouni den deeglechen Asaz vun eis Fräiwëllegen de CGDIS seng Aufgabe net gemeeschtert kritt. Di Fräiwëlleg hate lo vill Jore keen deen si richteg am Verwaltungsrot vertrueden huet, dat hunn ech selwer erlieft wéi ech do dra war (als Vertrieder vun de Gemengen). Dat muss geännert ginn an dat wëll ech änneren.
- Mir Fräiwëlleg brauchen awer e Vertrieder an dem Gremium deen aus dem aktiven Déngscht vum Terrain kënnt an deen en oppent Ouer huet. Dat well ech fir iech all sinn!
- Bei villen Decisiounen a Note hunn ech den Androck dass den enormen Asaz vun de Fräiwëllegen als sou selbstverständlech geholl gëtt dass de Respekt verluer geet. Dat muss kënnen am Verwaltungsrot ugeschwat a verbessert ginn an dat well ech maachen.

<u>Meng Kompetenzen:</u>

- Vill Erfarung (>40 Joer Pompjee aus Leidenschaft);
- Verhandlungsgeschéck an onermittlechen Asaz fir Pompjeeswiesen;
- Gutt vernetzt bei de Pompjeeën;
- Als Agraringenieur a Chef de division am Staatsdéngscht hunn ech villes geléiert an erlieft iwwer de reglementaresche Kader a weess wéi en Etablissement public wéi de CGDIS fonctionéiert. Dat Wësse well ech fir eis all asetzen.

<u>Meng Erfarungen fir dësen Posten:</u>

- Ech war scho wärend 6 Joer (2018-2023) Member am Verwaltungsrot vum CGDIS als gewielte Vertrieder vun Gemengen aus der Zone Osten. A menger deemoleger Funktioun als Buergermeeschter vun der Gemeng Fluessweiler hunn ech mech do aktiv fir d'Uleies vun de Gemengen agesat an hunn doriwwer eraus och deemools ni gezéckt fir mech fir di Fräiwëlleg staark ze maachen. Ech hu ni gezéckt fir kritesch/onbequeem Froen ze stellen a hunn awer och ganz konstruktiv u Léisungsvirschléi matgeschafft.
- Nieft dem Asaz am CGDIS-Verwaltungsrot hunn ech och an anere Gemengesyndikater Asaz gewisen an Erfarunge mam Dialog mat Ministeren an hire Mataarbechter gesammelt. Et sinn dës Erfarungen di ech lo voll fir eis Pompjeeën asetze wëll.

<u>Fierwat sollt Dir mech wielen:</u>

- Ech well mech asetze fir all äer Uleies zur Sprooch ze bréngen a Léisungen erbäizeféieren. Dir kënnt mech ëmmer erreechen, et ass mir keng Stonn ze fréi oder ze spéit: roger.barthelmy@cgdis.lu .
- Ech si just fräiwëllege Pompjee bei CGDIS a sinn doduerch ganz fräi fir am Verwaltungsrot dat ze soe wat muss gesot ginn.
- Ech si ganz aktive Pompjee (ronn 4700 Stonne Permanence) am INCSA-Beräich, als First-Responder, leeden als CUF d'Formatioun am CIS an hëllefen och bei der zonaler Formatioun mat. Doduerch kréien ech vill aus éischter Hand mat wou de Schong am Alldag dréckt. Déi Saache well ech uschwätzen dat Léisunge gesicht ginn.
- Meng 40 Joer Erfarung als fräiwëllege Pompjee op ville Verantwortungsposten setzen ech voll a ganz fir iech alleguerten an.

3 Wierder déi mech am beschten Beschreiwen:

- Pompjee
- erfueren
- hartnäckeg

Corps grand-ducal d'incendie et de secours

3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +352 49771 2006 · ca-secratariat@cgdis.lu · www.cgdis.lu  Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36